# Mini-Lënster STROFRECHT

## 7.7.2016 – Jonglënster

**Update 1.0 -> 24.5.2018**

Kanner déi strofrechtlech opfale gi vun der Police ML, déi am Numm vun der Gemeng schaffen an Strofrecht respektéieren, zur Rechenschaft gezunn. Kennt et zu engem Verstouss vum Strofrecht begleet ee Polizist den Täter op déi Plaz wou en verwise oder/an verhéiert gëtt. Do ass dann de jeweilegen Betrib verantwortlech fir d'Persoun.

All Fall wou den Täter sech weigert seng Strof unzehuelen oder aner Fäll optriede wou Police näischt méi maache kann, solle Kanner bei de Gemengerot bruecht ginn. Do gëtt dann decidéiert wéi mer wieder verfueren.

Ginn Strofdoten ze wäit, datt Mini-Lënster Staat gestéiert gëtt, kann dëst Kand vun den Erwuessenen aus der Stad verwise ginn.

- KENG PASSFOTO AM PASS

-Huet de Bierger nom drëtten Dag nach keng Foto vu sech selwer am Pass intégréiert muss en 5 Lënsto bezuelen.

- ENTWENDEN VUN SUEN:

- Kennt an de Casier stoen

- Persoun muss d'Suen dem Geschiedegten erëm ginn

- Enner 10 Lënsto geklaut = 1 Stonn schaffen ouni Verdéngscht

- 10-20 Lënsto = 2 Stonne schaffen ouni Verdéngscht

- Alles iwwer 20 Lënsto = 3 Stonne schaffen ouni Verdéngscht

- Alles iwwer 100 Lënsto = 5 Stonne schaffen ouni Verdéngscht

- KIERPERVERLETZUNG:

- 1 Seance Gericht an 1 Stonn am Kannerrechtsbüro

- Muss 2 Stonnen an engem Betrib vu senger Wiel onbezuelt schaffen

- MËNDLECH BELEIDEGUNG (NËMMEN BEI STÄNNEGEN LAANG UNDAUERNDEN BELEIDEGUNGEN AN BEI RASSISTESCHEN AUSSOEN)

- 1 Seance Mediatioun an 1 Stonn am Kannerrechtsbüro

- 2 Stonnen onbezuelt schaffen

- FALSCHGELD:

- De Betrag vum Falschgeld muss der Gemeng zréckbezuelt ginn. Huet den Täter déi Suen net, muss en dat ofschaffen. Et gëtt awer en Maximum vun 3 Deeg vun der Stroof festgehalen.

- VANDALISMUS:

- Gericht soll Strof festleeën nodeems festgestallt gouf wat alles zu Schued komm ass an wéi schlëmm Doot duerchgefouert gouf.

- SCHWAARZAARBECHT:

- D'Firma déi Schwaarzaarbechter agestallt huet muss pro geschaffte Stonn 35 Lënsto Strof bezuelen (wann et nozeweisen ass)

- En selbststännege Betrib krit seng Betribserlabnis ewechgeholl

- MOBBING (PSYCHOTERROR):

- Eng Stonn am KIZ mat der geschiedegter Persoun

- Muss Formatioun fir Ombudspersoun maache – onbezuelt (Kannerrechtsbüro)

- Muss zousätzlech 3 Stonnen onbezuelt bei engem Betrib vu senger Wiel schaffen

- VERSCHMOTZUNG:

- Dann soll den Täter eng Stonn an de Recycling Center schaffe goen, onbezuelt, an den Dreck an der Staat oprafen.

- HAUSDÉIER:

- Eltere vum Kand wat d'Hausdéier mat a Stad bruecht huet, ginn ugeruff datt Déier kann heem bruecht ginn.

- ONERLAABT REKLAM AN POSTER OPHÄNKEN:

- All Plakater ouni Stempel vun der Gemeng ginn erofgerappt.

- DEMO AN EVENTS ONUGEMLLT:

- 20 Lënsto Strof an den Event gëtt ofgesot & geraumt

- GEFÄLSCHTEN PABEIEREN:

- Pro gefälschtent Dokument muss d'Persoun 5 Lënsto Strof bezuelen

- ILLEGALEN HANDEL (Z.B. KAMELLEN, SOFTDRINKS,...)

- Saache gi beschlagnahmt

- De Gewënn muss zréck bezuelt ginn

- Kamellen an aner Iesswueren däerfe matbruecht gi soulaang et an der Massen ass fir den Eegenbedarf (+-250gr entsprecht enger Haribo-Tuut). Alles doriwwer eraus gëtt beschlagnahmt.

- Nëmmen e Bidon pro Persoun ass erlaabt mat ran ze bréngen

- Prinzipiell soll awer alles an der Stad kaf ginn

- CODE DE LA ROUTE

-10 Lënsto sinn vum Bierger ze bezuelen wann den Code la Route net respektéiert gëtt.

- AUTOSACCIDENT:

- Wann een express eng Persoun mam Auto ustéisst muss een de Führerschäin nach eng Kéier nei maachen an sech bei der geschiedegter Persoun entschëllegen. Och 5-100 Lënsto Geldstroof stinn heirop. De Betrag gëtt vum Gericht je no Gravitéit festgeluecht.